# WÄIT bléck

Zeitung fir den Ëffentlechen Déngscht



## Sinn déi gëllen Zäiten ze Lëtzebuerg eriwwer?

2/2008

eng Publikatioun vum Lëtzebuerger Chrëschtleche Gewerkschaftsbond LCGB

# Inhalt 2/2008


Lëtzebuerg bleift net verschount 4

Change Management 5

Gläichstellung an der Aarbechtspolitik 6

Aggressiounen 7

Kein Zweiklassensystem im öffentlichen Sektor 8

Gegen Auslagerung von Gemeindediensten 9

Neue Buslinien 10

Bus News 11

Formation des chauffeurs professionnels 12

Congé social 13

Sektioun AVL: Ausflug nach Brüssel 13

Quo Vadis Tram? 14

Betribsequipe 16

Arbeitslos nach 52 Wochen Krankheit 19




**Mir wënschen eise Lieser schéin Chrëschtdeeg an ee glécklecht neit Joer.**

# Editorial



## Neien Ufank

Beim LCGB war et kloer dass dës Walen no dem Eenheetsstatut an no der Era Fettes René net einfach fir eis géife ginn. Den René hat iwwer Jorzéngte laang eng kompetent Gewerkschaftsaarbecht geleescht, an ech well him nach eng Kéier nodréiglech Merci soe fir séin bemierkenswäerten Asaz.

Mir sinn mat dem Zil an Wale gaang fir die zweetstärkste Gewerkschaft ze bleiwen. Dat ass eis gelongen an elo heescht et Ärem erop sträppen an eis kompetent Aarbecht fort féieren. Dat wäert dem Grethen Gusty, Nepper Fernand, Gros Patrick an Chaussy Pascal och geléngen. Ech soen nach alle gewerkschaftlech geschoulte Kandidatinnen a Kandidate vum LCGB Merci fir hiert Engagement, a fannen et just Schued, dass mir fir eis gutt Gewerkschaftsaarbecht an der Koalitioun mam NVGL net esou belount gi sinn wie mir dat eigentlech verdéngt gehat hätten.

Vläicht musse mir an Zukunft eis Bescheidenheet of leeën an méi selbstbewosst op trieden. Trotzdem félicitéieren ech dem NVGL awer och der FGFC an dem Landesverband an ech hoffen dass et elo méiglech ass dass si am Dialog an mat dem neidesche Respekt fir den Interessi vum Personal zesumme schaffe.

Eng kleng Remarque muss ech awer nach um Rand maachen. Den LCGB ass eng national representativ Gewerkschaft an mir si keen Club, mir hunn keen Problem fir iwwer 40 000 Membere kompetent ze betreien, an dank eiser Struktur, hätten mir och Méiglechkeet dat ganzt Personal vun der Gemeng Lëtzebuerg optimal ze betreien.

Bei eis ginn et keng Gruppéierunge fir all eenzel Carrière wou dann jiddereen seng eegen Zëppchen kacht a wou di riets Hand net weess wat di lénks mécht. „Viele Köche verderben den Brei“ an dofir huele mir beim LCGB jidderengem säi Problem, op privat oder op der Aarbecht, eescht an kënnen dofir vill méi individuell op hien agoen, an vermeiden doduerch een gewëssen Tunnelbléck ze kréie, well eng modern Gewerkschaft wie den LCGB muss an alle Situatiounen an der Zukunft de **Wäitbléck** behalen.

Mir beim LCGB sinn op alle Fall prett fir di Erausfuerderung.

*Patrick ROSSBERG*
*Verbandspresident LCGB-Gemengebeamten*

# Lëtzebuerg bleift net verschount

**D'Finanzkris huet och Lëtzebuerg net verschount, och béi eis muss an Zukunft méi lues getrëppelt ginn. Wéi steet et an deem Kontext mat der Globaliséierung? Ass déi un allem Schold? Dës an aner Froen huet d'Redaktioun vum Wäitbléck dem Robert Weber, dem Nationalpresident vum LCGB gestallt.**

***Robert Weber,
wéi steet den LCGB zum Index?***

Grad an dësen schwéieren Zäiten brauchen mir en sozialen Finanzausgläichsmechanismen, deen en Rëckgang vun der Kaafkraaft verhënneren soll. Déi automatesch Lounupassung un d'Inflatioun kritt besonnesch an däser Zäit eng grouss Bedeitung.

Net d'Léin dreiwen d'Präisser héich, mee vill méi hänkt d'Lounentwécklung hannert der Präisentwéckelung.

Sollten Neiverhandlungen aberuff ginn iwwert den Index wär den LCGB direkt bereet mat ze verhandelen.

Fakt ass dat all Gewerkschaften den Tripartite-Accord ënnerschriwwen hunn bis 2010, an an dësen Accord nëmmen duerch nei Verhandlungen erneiert ka ginn.

Wären Virschléi vum LCGB an de Verhandlungen ugeholl ginn, wär eng Indextranche fale gelooss ginn. Elo muss een oppassen dat 2010 net 3 Indextranchen beieneen entfalen, dat wier fatal.

***Ass d'Inflatioun e Suergekand?***

D'Inflatioun ass eng konstant Steigerung vum Präisniveau, e verännert d'Austauschverhältnis vum Geld zu aner Wueren, zu Laaschten vum Geld.

Steiererhéijungen an staatlech administréiert Präiserhéijungen kënnen zu nach méi enger héier Inflatioun féieren.

Den LCGB huet de Virschlag gemaach fir déi Energieprodukter, déi privat verbraucht ginn, wéi Äerdgas oder Mazout a staark der Präisentwécklung aus gesat sinn, op de supperreduzéierten TVA-Saz erofzeschrauwen. Sou sollen Mazout 9 % Gas an Stroum 6 % méi bëlleg ginn. Och sollten Ministeren an der EU iwwert nei TVA-Säz diskutéieren.

Duerch d'Inflatioun kënnt et zu enger Senkung vun den Realléin, well d'Gewerkschaften meeschtens net an der Lag sinn séier genuch Lounerhéijungen duerchzesetzen. Eben falls ginn d'Realléihn zeréck vun de Persounen déi op Sozialleeschtungen ugewisen sinn, well d'Sozialleeschtungen vum Staat meeschtens net entspriechend der Inflatioun erhéicht ginn.



***Wéi steet den LCGB zur Globaliséierung?***

D'Globaliséierung bréngt keng Virdeeler fir de Bierger. Verschidden Fusiounen kenne vun Virdeel sinn, anerer ginn nëmmen gebraucht fir Grousskonzerner ze bilden a fir d'Präisser ze drécken. An der Globaliséierung (Interbank-Dexia Generalbank-Fortis) hunn zu dem deemolegen Zäitraum d'Virdeeler op gewisen. Nëmmen bleift Lëtzebuerger Finanzplaz net virun der Finanzkris aus Amerika verschount.

Well d'Globaliséierung vun der Wiertschaft, de Finanzstréim an der Kommunikatioun sprengt déi Grenzen vun der nationaler Vollekswiertschaften, si verschäerft Klufft tëschent Aarm a Räich.

Och muss een haut feststellen, dass et vun der Globaliséierung an dem Strukturwandel an den Betriber, a bei den Aarbechtsorganisatiounen ëmmer méi schwéier gëtt den primären Ëmverdeelungsprozess, den Profit anstänneg a gerecht ze verdeelen.

# Change Management

Eng sënnvoll an noutwenneg Initiativ ass vun der Gemeng Lëtzebuerg lancéiert ginn. Et ass geplangt eng intern Charta zesumme mat 137 fräiwëllege Beschäftege vun der Gemeng auszeschaffen. Maximal 3-4 Säiten huet herno dann di Charta di vun der Agentur „Brian public relations" vu Freiburg ausgewäert, analyséiert an dann finaliséiert gëtt. Bis an den Hierscht 2009 solle viraussiichtlech di verschidde Versammlunge mam Personal aus alle Servicer statt fannen. Duerno soll jiddereen dat Protokoll dann zou geschéckt kréie mam Ennresultat.

Mir vum LCGB begréissen esou eng Initiativ an hoffen dass di nei Erkenntnisser dozou bäi droen nach méi effizient mateneen dem Bierger een optimalen Déngscht ze offréieren. Duerch esou e genannten „Change Management" an engem Betrib gi bewosst Ideeën ënnerstëtzt, Aktiounen aus geléist di fir nei Verännerunge bei der Gemeng Lëtzebuerg suerge sollen. Mir wäerten dat weider verfollegen an oppassen dass di nei Verännerungen net een zevill negativen Impakt fir Personal vun der Gemeng Lëtzebuerg hunn.

Do hunn mir erëm een typescht Beispill dass een elo op dem LCGB seng Erfahrung aus private Betriber zeréckgräife kann, also kann et net negativ sinn fir Personal vun der Gemeng Lëtzebuerg dass den LCGB eng Gewerkschaft ass di op villen Hochzäiten danzt oder besser gesot sech fir vill divers Themen interesséiert an kompetent asetzt. Eng modern Gewerkschaft kann sech net méi erlabe an Zukunft mat Schei klappen duerch Géigend ze lafen.



# Gleichstellung



*Auf Einladung der Gleichstellungsbeauftragten der Gemeinde Luxemburg, fand am 4. Juli 2008 im Kulturzentrum in Cessingen eine Konferenz für das Personal der Gemeinde statt.*





*Viviane Goergen referierte und diskutierte mit den Teilnehmern über Gleichstellung zwischen Männern und Frauen im Berufsleben und speziell hinsichtlich der Sozialwahlen, die im November stattfanden.*

# Aggressiounen a keen Enn

Ëmmer erëm stelle mir beim LCGB fest, dass Personal vun der Gemeng Lëtzebuerg mat verbalen Attacke konfrontéiert gëtt.

Leider huet sech bei muenchem Bierger esou een negatiivt Bild géintiwwer vum Personal entwéckelt, dass ëmmer erëm Aggressioune géint Personal statt fannen.

Jiddereen verschafft esou Aggressiounen anescht, deen ee mécht sech vill dorauser, deen anere manner.

Och fält et op, dass dat weiblecht Personal méi drënner ze leiden huet wie dat männlecht.

Mir vum LCGB kéinten eis virstellen dass di Verantwortlech vun der Gemeng Lëtzebuerg eng breet ugeluecht Sensibiliséirungskampagne géifen lancéieren an de Medien fir dass een dat negatiivt Bild beim Bierger ee bëssche méi an ee positiivt Liicht kéint réckelen. Duerch esou eng Sensibiliséirungskampagne géifen di Verantwortlech hir Solidaritéit mat hirem Personal an der Ëffentlechkeet weisen.

Wann dir mat esou Aggressioune konfrontéiert gitt hunn mir beim LCGB Mobbing asbl di professionell hëllefe kann.

Zeckt net eis ze kontaktéieren, mir hëllefen Iech weider!

*Patrick ROSSBERG*

# Aggressiounen am ëffentlechen Transport

An leschter Zäit, hunn d'Aggressiounen am ëffentlechen Transport erëm zou geholl. Esou sinn an kuerzer Zäit zwou Aggressiounen géint d'Stater Buschaufferen fest gehal ginn.

Hei eng Tabell wéi sech d'Aggressiounen beim AVL, TICE, CFL an RGTR am Moment zesummen setzen.

| | 2007 | 2008 |
|---|---|---|
| Physesch Aggressiounen | 18,00 % | 20,27 % |
| Verbal Aggressiounen | 39,19 % | 54,00 % |
| Bedroungen | 19,00 % | 36,46 % |
| Bedroungen mat engem Objet | 9,00 % | 4,05 % |

Mir bieden dofir all betraffen Buschaufferen en „CIS“ (Constat Incident Sûreté) auszefëllen. Et kritt een gehollef beim Ausfëllen vum CIS an et kann psychologesch Hëllef kréien.

*Servais QUINTUS*



# Kein Zweiklassensystem im öffentlichen Sektor

## LCGB fordert Ende der Liberalisierungswelle von Dienstleistungen

Der Kongress des LCGB-Fachverbandes „Öffentlicher Sektor" verurteilte am 27. Juni 2008 in Niederanven den europäischen Trend zur Liberalisierung von staatlichen Dienstleistungen sowie die unterschiedliche Punktbewertung bei den Gehältern von Beamten und Arbeitern im öffentlichen Dienst, sei es auf staatlicher oder




kommunaler Ebene. Weiter setzte sich der Verband für die Schaffung von Lebensarbeitszeitkonten, mehr Mitspracherecht für die Delegationen und Verbesserungen im Bereich der Weiterbildung für Staatsarbeiter ein. „Das Zweiklassensystem bei Staat und Gemeinden, wonach ein Arbeiter bei gleicher Gehaltspunktzahl mittlerweile 5,5 Prozent weniger Gehalt bezieht als ein Beamter, ist nicht gerechtfertigt", so der Verbandssekretär Jean-Paul Baudot.

Im Hauptantrag wunderte sich der Gewerkschaftsverband, dass viele Politiker die negativen Konsequenzen der Privatisierungswelle für Bürger und Beschäftigte nicht




berücksichtigten. Man verspreche dem Bürger weniger Steuerbelastungen und immer billigere und bessere Dienstleistungen, obwohl die Realität eine andere sei.

Es sei noch zu erwähnen, dass Verbandspräsident Marcel Kraus im Amt bestätigte wurde.



# Gegen Auslagerung von Gemeindediensten

## Protestkundgebung an der Rocade

Während die Einwohner die Rechnungen für Strom, Gas und Wasser von der Gemeindeverwaltung erhalten, ist geplant, dass die Rechnungen in Zukunft von LEO (Luxembourg Energy Office) ausgestellt und einkassiert werden. Leo ist eine privatrechtliche Gesellschaft, die zu 100 Prozent der Stadt Luxemburg gehört. Diese Auslagerung ist den Gewerkschaften ein Dorn im Auge. „Leo sollte sich auf den Ein- und Verkauf von Gas und Strom beschränken, so Armand Thinnes vom LCGB. Was die separate Fakturierung des Wassers betrifft, seien die kommunalen Dienststellen durchaus kompetent genug, um dies rasch umzusetzen. Für Armand Thinnes vom LCGB ist die Einschätzung des Schöffenrats eine bodenlose Frechheit, dass man dafür 16 bis 18 Monate benötigen würde. Zu begrüßen ist, dass an der Kundgebung an der Rocade de Bonnevoie Mitarbeiter der verschiedensten Dienste der Stadt Luxemburg anwesend waren, weil Morgen schon jeder andere kommunale Dienst betroffen sein kann.

*(Céwé mit Raphael ZWANK Luxemburger Wort)*












*Pierrot KLEIN*
*President LCGB-AVL*

# Neue Buslinien

Am 15. September 2008 war es soweit, die neuen Buslinien wurden eingeführt. Die Gemeinde Luxemburg erhofft sich durch die Änderungen ein besseres Konzept mit Vorteilen für den Busbenutzer.

Im Vorfeld wurde das neue Buskonzept von allen Fahrern heiß diskutiert und beredet. Nach den ersten Tagen gab's auch schon einige Probleme die auch den Verantwortlichen mitgeteilt wurden. (Verspätungen, Pausenraum Bahnhof, Toiletten auf Endhaltestellen). Uns wurde versprochen, dass alle Probleme schnellstens behoben werden, soweit es möglich ist. Wir werden das auch im Auge behalten.

In nächster Zeit werden aber weiter Verhandlungen geführt wie in Zukunft unser Arbeitsplan, nach den neuen gesetzlichen Richtlinien, aussehen soll. Wir werden zusammen mit allen Gewerkschaften daran arbeiten um das beste für jeden Fahrer zu erreichen.

Wenn wir alle an einem Strang ziehen, denke ich werden wir unsere Ziele erreichen um auch in Zukunft einen guten Arbeitsplatz zu garantieren.




**MOBBING asbl**

Nos bureaux seront fermés à partir du lundi, 22 décembre 2008 jusqu'au vendredi, 2 janvier 2009.

Unsere Büros sind geschlossen von montags, den 22. Dezember 2008 bis freitags, den 2. Januar 2009.

# *Unterredung LCGB-Gemengebeamten, LCGB-AVL mit LCGB-Transport*

**Über folgende Punkte wurde gesprochen:**

- neue Gesetzesvorlagen zur Gewährung der Sicherheit in Zügen, Bussen, Bus- oder Zugbahnhöfen
- Aggressionen gegenüber Busfahrern und Fahrgästen
- Vandalismus in Bussen
- Obligatorische Weiterbildung
- EU-Richtlinie 561 betreffend Lenk- und Ruhezeiten.



## Bus News

… Dezember oder Januar kommen neue Busse. IVECO 5 Standard – 5 Gelenkbusse …

… Digitaler Funk ist seit November in Betrieb. Ende der Arbeiten März 2009 …

… Haltestellenbremsen werden bei den Irisbussen nach und nach umgebaut, und mit einem roten Aufkleber gekennzeichnet …

… Bestellung von EGO-Karten zum Öffnen des WC beim Rehazenter …

… Vorgesehene Einstellung von Fahrern für 2008: 15 Fahrer …

… 2009 werden nochmals 26 Fahrer eingestellt …

… An den neuen Bussen sind Siemens Digitaltachographen installiert …

WB 208

# *Entrevue LCGB-AVL / Ministère des Transports*

Faisant suite à notre entrevue, il est nécessaire de clarifier ci-joint le point relatif à la formation des chauffeurs professionnels.

D'après le projet de loi, sous réserve du vote de la Chambre des Députés, les conducteurs titulaire d'un permis de conduire d'une des catégories Dl, Dl + E, D ou D + E (autobus/autocar) délivré avant le 10 septembre 2008 doivent suivre une première formation continue (35 heures) avant le 10 septembre 2013.

Toutefois, cette obligation ne s'applique pas aux conducteurs des véhicules utilisés pour des transports non commerciaux de voyageurs à des fins privées.

# *Formation des chauffeurs professionnels*

Au vu des objectifs susmentionnés, le projet de loi prévoit de mettre en place deux systèmes de qualification initiale:

- ☞ qualification initiale (280 heures);
- ☞ qualification initiale accélérée (140 heures).

Nonobstant, l'obligation pour certains conducteurs de suivre une formation de qualification initiale ou initiale accélérée, il a été, conformément à la directive susmentionnée, introduit une disposition permettant de préserver les droits acquis des conducteurs professionnels qui sont déjà en activité au moment où le projet de loi entre en vigueur. Du fait, les conducteurs titulaires d'un permis de conduire d'une des catégories D1, D1 + E, D ou D + E délivré avant le 10, septembre 2008 ou titulaires d'un permis de conduire d'une des catégories C1, C1 + E, C ou C + E délivré avant le 10 septembre 2008, sont exemptés de la qualification initiale. Ils doivent cependant suivre une formation continue tous les cinq ans.

## Durée de la qualification initiale et de la formation continue

En ce qui concerne la durée des différents types de formation à organiser au centre de formation, la qualification initiale s'étend sur deux cent quatre-vingt heures dont au moins vingt heures de conduite pratique alors que la durée de la qualification initiale accélérée est de cent quarante heures dont 10 heures de conduite pratique.

La formation continue permet aux titulaires d'un certificat de formation attestant de la qualification initiale (accélérée) et aux conducteurs, titulaires d'un permis de conduire en question avant les dates du 10 septembre 2008/2009, de mettre à jour leurs connaissances essentielles pour leur formation. Contrairement à la qualification initiale, la formation continue s'étale sur cinq jours tous les cinq ans dont 7 heures de conduite pratique. Cette formation n'est à l'encontre de la qualification initiale ou initiale accélérée pas sanctionnée par un examen.

La formation continue doit, en vertu de la directive susmentionnée, démarrer cinq ans après l'introduction des différentes formations. Il en résulte que les cours de formation continue commencent au plutôt à partir du 10 septembre 2013 respectivement à partir du 10 septembre 2014.

## Fermeture de nos bureaux

Les bureaux du LCGB seront fermés à partir du mercredi, 24 décembre 2008 (12:00 hrs) jusqu'au vendredi, 2 janvier 2009.

## LCGB-Büros geschlossen

Die LCGB-Büros sind geschlossen von mittwochs, den 24. Dezember 2008 (12:00 Uhr) bis freitags, den 2. Januar 2009.

# Congé social

***Fro un den Inneministère:***

Wann een nach bei sengen Elteren wunnt, a mat deene muss bei den Dokter goen oder aner Analysen muss maache goen, ass am Gesetz duerfir en aneren Congé virgesinn?

***Äntwert:***

De Congé social am Gemengesecteur gesäit fir dass een pro Mount kann bis zu 4 Stonnen fräi kréien fir mat enger Persoun mat deer ee Famill ass bei den Dokter ze goen, respektiv aner Visiten, Bluttanalysen, Kiné etc, viraus-gesat déi Visiten sinn vun engem Dokter verschriwwen.

D'Prescriptioun muss een dann bei seng Demande leeën, dat gëllt ewéi en Certificat dass ee bei engem Dokter war.

Et kann een dee Congé fractionnéieren, wann een nëmmen Deelzäit schafft geet en proportional accordéiert zur Tâche. Et muss een net mat deer betreffender Persoun zesumme wunnen.

*Sektioun AVL:*

# *Ausflug nach Brüssel*



Der Betriebsausflug des AVL führte dieses Jahr nach Brüssel. In der belgischen Hauptstadt stand die Besichtigung des Automuseums AUTO World sowie andere Sehenswürdigkeiten im CENTRAL Park auf dem Programm.



# Quo Vadis Tram?

Den 11. November 2008 ass den Projet Eisebunnslinn Esch via Foetz, Steebrécken, Leideléng a Lëtzebuerg vum Transportministère, der CFL an dem Bureau d'études virgestallt ginn.

Däss Linn soll gebaut ginn vun der Gare Esch, keen Uschloss awer un de Site Belval, per Tunnel bis zur Zone industrielle Monkeler dann iwwerierdesch bis op Gare Périphérique Zéisseng, do mat Uschloss un déi bestehend Eisebunnslinn Lëtzebuerg Gare an ob Bréissel mat eventuellem Uschloss un den Lycée Technique Geesseknäppchen.

Awer elo d'Topeschkeet: keen Uschloss fir den Stater Tram um Bouillon! Dat Stéck soll fir 160 km/h gebaut ginn, an et soll nëmmen schwéier Eisenbunnsmaterial fueren. Käschtepunkt: 500 Milliounen Euro.

Am Ufank ass nëmmen vun enger Tramslinn geschwat ginn, déi wier och méi bëlleg!!!

D'Leit déi dann mam Zuch vun Esch kommen, mussen erëm ëmklammen ob de Bus oder spéider den Tram. Ouni déi vill aner Problemer wéi Linienführung hei zu nennen ass dat den falschen Wee den ëffentlechen Transport ze promovéieren.

Schilda lässt grüßen!

*Servais QUINTUS*



*Stadt Lëtzebuerg*

# Neie Kollektivvertrag fir Gemengenaarbechter

### Hei déi wichtegst Punkten

☞ Aus bezuelen vun enger eemoleger Prime vun 0,9 % vum Joresgehalt fir 2007 an 2008

☞ Unhiewen vum Basispunktwäert ëm 1,5 % ab Januar 2008.

☞ Ëmwandlung vun 6 vertraglechen Feierdeeg un Congésdeeg gëtt wéi folgend geregelt:

– ab 2008 kritt all Aarbechter 35 Congésdeeg,

– ab 50 Joer 1 Dag weider,

– ab 55 Joer sinn et dann 2 Deeg weider.

☞ Dat bis dohin jäerlech ausbezuelten Kleedergeld esou wéi d'Entschiedegungen vun der Ëmwandlung vum vertraglech geregelten Feierdeeg an Congésdeeg gett duerch eng monatlech Prime vun 4,5 Gehaltspunkten ersat.

Domatt kritt all Aarbechter zesummen 15,5 Gehaltspunkte weider.

An der Vergaangenheet war den LCGB federführend bei den Kollektivvertragsverhandlungen zesummen mam NVGL an dem OGBL. Den LCGB an den NVGL hunn den Avenant ënnerschriwwen fir den neien Betrib vun eisem Botzpersonal „Service Central de Nettoyage“ ze reorganiséieren bzw. net ze privatiséieren, an den LCGB war nach bei villen Aarbechtsgruppen mat dobäi. Fir d'Zukunft wëssen mer, dat Louhngruppen vum Kollektivvertrag nach mussen nei definéiert ginn, an den neien Moment vum Statut unique mat abannen. En Aarbechtsgrupp fir den Streedéngscht nei ze reorganiséieren muss zesummen gesat ginn. Een Aarbechtsgrupp fir Schutzkleedung spezifesch op all eenzelen Service zou geschnidden muss och zesummen kommen. Derniewt mussen d'Problemer mat den 52 Wochen Krankmellung nach geléist ginn.



# D'Betribsequipe vun der Gemeng Lëtzebuerg seet **Merci** fir Ärt Vertrauen an wäert och an Zukunft wie gewinnt Är Interessien kompetent vertrieden.

## Membres effectifs


Grethen Gusty


Nepper Fernand


Gros Patrick


Chaussy Pascal

## Membres suppléants


Laterza Joseph


Mastropaolo Paolo


Brix Georges


Ressel Patrice

**Och e grousse Merci un all Kandidatinnen an Kandidaten vun der Lëscht 2 vum LCGB**



**Eis Missioun: Ären Job**

# Autofahrer ist nicht gleich Autofahrer

Frust ist die Antwort vieler Autofahrer. Viele Aggressionen richten sich gegen die Autobahnarbeiter und andere Arbeiter der Straßenbauverwaltung.

Baustellenabsicherungen werden von vielen Verkehrsteilnehmern einfach ignoriert. Es kommt hinzu, dass dieses Verhalten aus ihrer Sicht noch als Kavaliersdelikt betrachtet wird.

Leider werden unsere Tagesbaustellen noch als notwendiges Übel oder Schikane angesehen. Gesten und Beschimpfungen unseren Kollegen gegenüber belegen dies.

Es sind sehr, sehr viele Autofahrer, die sich uns gegenüber unkorrekt verhalten. Sie drehen die Scheiben herunter, beschimpfen uns, Fingerzeigen bis hin zum Vogelzeigen müssen wir uns bieten lassen. Was so ein Autofahrer alles in petto hat, um uns zu beleidigen ist beachtlich. Ich wünschte mir, dass die Autofahrer mehr Verständnis für uns hätten, das heißt manierlich und anständig entlang unseren Baustellen fahren würden.

## Raser und Drängler machen keinen Halt vor Baustellen!

Größte Gefahr „Wanderbaustellen". Meistens nur für einen Tag aufgebaut, bedeuten sie für Fahrer und Arbeiter ein besonderes Risiko. Klappt das Ausweichen in letzter Minute nicht, soll die Warntafel schützen. Doch die wird manchmal zum tödlichen Geschoss.

Lebensgefährlich für die Arbeiter der Straßenbauverwaltung und ärgerlich für die Autofahrer, ob Tages-, Nacht- oder Wanderbaustelle, auf den Luxemburger Strassen, sie gehören schon zum Alltag. Es gibt wohl kaum eine Autobahn oder Landstrasse an der nicht gebuddelt wird. Dann heißt es für die Autofahrer, Ruhe bewahren, Toleranz zeigen und vor allem Geschwindigkeitsbegrenzungen befolgen. Doch so manch gestresster Fahrer der über die Piste fliegt, denkt nicht im Traum daran welche verheerenden Folgen sein Fahrstil haben kann.



Gefährlich ist es natürlich wenn wir auf der Überholspur arbeiten und die Autofahrer bis auf den letzten Drücker noch überholen wollen und dann die Baustelle verpassen und uns anfahren.

Das Horrorszenario der Arbeiter der Straßenbauverwaltung schlechthin!

*Marcel KRAUS*
*Präsident Fachverband öffentlicher Sektor*
*LCGB-Betriebssektion*
*„Brécken an Stroossendéngscht"*



# Schaulust ist nicht Lustig

Schaulustige die auf Luxemburger Autobahnen und Strassen abbremsen um einen Unfall auf der Gegenfahrbahn möglichst genau beobachten zu können, handeln rücksichtslos und lebensgefährlich. Mit ihrem Verhalten provozieren die Gaffer Auffahrunfälle und unnötige Staus.



**Ein Tipp:** Aufmerksam aber zügig an einer Unfallstelle vorbeifahren! Auf keinen Fall Gaffer auf der Standspur überholen. Wird ein Unfall im Radio gemeldet muss auch in eigener Fahrtrichtung mit plötzlich stockendem Verkehr aufgrund Schaulustiger gerechnet werden. Deshalb bereits frühzeitig besonders großen Abstand halten.

Wer durch seine Sensationslust andere Verkehrsteilnehmer sowie die Bergungs- und Rettungsleute gefährdet oder behindert, müsste mit empfindlichen Geldbussen zu Kasse gebeten werden.

*Marcel KRAUS*

# Kléiblat-Club

**Den 22. November 2008 goung et mam Bus vun Hollerech op d'Péiténger Gare an duerno mam Train 1900 bei de Kleeschen an de Fond de Gras**







# Arbeitslos nach 52 Wochen Krankheit:

## Es kann jeden treffen!




Während einer Pressekonferenz am 23. Oktober 2008 hat Joé Spier die neue Kampagne des LCGB vorgestellt, die zum Ziel hat, die Lage jener Arbeitnehmer zu verbessern, deren Krankmeldungen 52 Wochen überschreitet (binnen einer Referenzperiode von 104 Wochen), die dadurch bedingt ihr Recht auf Arbeitsgeld und auch ihren Arbeitsplatz verlieren.

Herr X ist seit längerem krank (z. B. Krebs). Nach 50 Wochen Krankmeldung kann er wieder arbeiten. Jedoch erleidet er anschließend unglücklicherweise einen Unfall und ist wieder mehrere Wochen ans Bett gefesselt. Die Krankmeldungen werden zusammengezählt. Herr X war mehr als 52 Wochen krankgeschrieben. Er verliert deswegen automatisch sein Recht auf Krankengeld sowie seinen Arbeitsplatz!

**Der LCGB fordert eine Änderung des Gesetzes vom 21. Dezember 2004, das vorschreibt, dass die Krankmeldungen von Arbeitnehmern, die zusammen 52 Wochen*) überschreiten, zum Verlust des Rechtes auf Krankengeld und zum automatischen Arbeitsplatzverlust führen.**

**) 52 Wochen binnen einer Referenzperiode von 104 Wochen. Die Fehlzeiten wegen Krankheit, Berufskrankheit und Unfall werden zusammengerechnet!*

Diese gesetzliche Reglementierung, die anfänglich Missbräuche verhindern sollte, ist viel zu streng. Sie trifft auch Arbeitnehmer, die guten Willens sind, die jedoch auf Grund unglücklicher Umstände die 52 Wochenfrist überschreiten.

**Der LCGB fordert insbesondere, dass die Fehlzeiten auf Grund eines Unfalls nicht mehr mitgezählt werden. Niemand wird absichtlich Opfer eines Unfalls, hier gibt es keinen Missbrauch!**

## Unterstützen Sie den LCGB!

Teilen Sie uns Ihren Fall mit (oder den Fall eines Bekannten). Wir werden damit den zuständigen Sozialminister vor seine Verantwortung stellen.

### KONTAKT LCGB:

*Joé Spier, 11, rue du commerce*
*L-1351 Luxemburg, jspier@lcgb.lu*


### IMPRESSUM

**Wäitbléck –**
**Zeitung fir den Ëffentlichen Déngscht**

*Editeur:* Lëtzebuerger Chrëschtleche Gewerkschafts-Bond (LCGB)

*Président:* Robert Weber

*Rédacteur responsable:* Christian Welter

*Image de titre:* Anouk Antony

*Secrétariat:* 11, rue du Commerce
L-1351 Luxembourg
BP 1208 – L-1012 Luxembourg

*Imprimé par:* saint-paul luxembourg
2, rue Christophe Plantin
L-2988 Luxembourg


Notre mission:
votre boulot!
MERCI
LCGB
Lëtzebuerger Chrëschtleche
Gewerkschafts-Bond